# LUXEMBOURG FOR KIDS

## EN ENTDECKUNGSTOUR DUERCH DE MUSÉE

LU

Musée national
d'histoire et d'art
Luxembourg
MNHA

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture



# LUXEMBOURG FOR KIDS

## INHALT

WULLES, DE WËLLE MANN. EISE GUIDE 4
STATIOUN 1 ........ ÉISCHT HAISER ZU LËTZEBUERG 6
STATIOUN 2 ........ E WÄERTVOLLE BIJOU FIR E FÜRST 8
STATIOUN 3 ........ E MOSAIK ERZIELT SENG GESCHICHT 10
STATIOUN 4 ........ SELWER GEMAACHTE SCHONG FIR KLENG FÉISS 12
STATIOUN 5 ........ DE MÄCHTEGE RITTER AM KELLER 14
STATIOUN 6 ........ E GROUSSEN HOND HÄLT WUECHT 16
STATIOUN 7 ........ LËTZEBUERG A SENG FESTUNGSMAUEREN 18
STATIOUN 8 ........ SCHÉI WUNNE MAT HOLZ 20
STATIOUN 9 ........ ÉISCHT AUTOEN OP DER STROOSS 22
ISTATIOUN 10 ........ D'HÉICHIEWE MAACHE PLAZ FIR NEIES 24
STATIOUN 11 ........ D'GROUSSHERZOGEN AN HIERT GELD 26
STATIOUN 12 ........ MEDAILEN AN UERDEN FIR LËTZEBUERG 28
BIS SOSS ENG KÉIER AM MUSÉE! 31
WEIDER IDDIEN FIR AUSFLICH FIR KLENG A GROUSS ENTDECKER 32
IMPRESSUM 33

LUXEMBOURG FOR KIDS ASS EN ENTDECKERHEFT FIR KANNER AB 6 JOER, DÉI DE MUSÉE ZESUMME MAT HIRER FAMILL BESICHEN AN ERFUERSCHE WËLLEN.

DEN TOUR MAT VERSCHIDDENEN AKTIVITÉITE FÉIERT IWWERT ZWIELEF STATIOUNEN DUERCH D'SAMMLUNGE VUM MUSÉE. GUIDÉIERT GINN DÉI JONK VISITEURE VUM WULLES, DEM MNHA SENGEM FRËNDLECHE MASKOTTCHEN.

ZIL VUN DËSER VISITT ASS ET, OP ENG SPILLERESCH AART A WEIS EN ABLÉCK AN DÉI LËTZEBUERGESCH GESCHICHT ZE KRÉIEN A SPANNEND DETAILER AUS KULTUR AN ALLDAGSLIEWE VUN DE VERSCHIDDENSTEN EPOCHE KENNENZELÉIEREN.

(DAUER VUN DER VISITT: ONGEFÉIER 1.5 STONN)

# WULLES, DE WËLLE MANN EISE GUIDE




# WËLLS DU LËTZEBUERG BESSER KENNELÉIEREN?

Do hëllefen ech gär, well ech kenne mech aus. Ech heesche Wulles an ech sinn de Wëlle Mann. Wees du wat e Wëlle Mann ass? Ma ech sinn immens staark a liewen eigentlech fräi a wëll mat den Déieren am Bësch. Ech si super gutt doran mech ze verstoppen. Gezei brauch ech keent, well ech hunn iwwerall laang Hoer. En décke Knëppel fir mech ze wieren hunn ech och ëmmer bei mer.

Wëlls de wëssen, wéi ech ausgesinn? Meng Stammplaz ass beim Duerchgang zu der Annex vum Musée, am Eck vis-à-vis vum Infopoint. Hei hunn ech alles am Bléck. Fréier stoung ech op engem Sockel un der Mauer vun deem Gebai dat do war, wou de Musée elo steet. Ech hunn op d'Haus an op seng Bewunner opgepasst. Dat stoung jo matzen an der Stad an ech krut ëmmer alles mat, wat ronderëm geschitt ass. Duerfir kennen ech mech mat der Geschicht vu Lëtzebuerg esou gutt aus. Dat ass awer schonn eng Zäitchen hier, well ech krut duerno dës schéi Plaz am Musée ugebueden. An elo passen ech hei op d'Konschtwierker op.

Dann emol lass, gi mer op Entdeckungsrees duerch de Musée. Awer opgepasst, de Musée ass zimlech grouss an et kann een sech hei verlafe wéi an engem Labyrinth. Ech kenne mech gutt aus a kann dir alles weisen.



# ÉISCHT HAISER ZU LËTZEBUERG

**HAUS AUS DER JUNGSTEINZEIT, BANDKERAMIK-KULTUR, REKONSTRUKTIOUN NO AUSGRUEWUNGEN ZU REMERSCHEN, „SCHENGERWIS", ONGEFÉIER 5300–4900 VIRU CHRISTUS**

*Hei gesi mer, wéi d'Mënschen an der Jungsteinzeit an engem Haus gelieft hunn. Zu dëser Zäit hu se ugefaangen op enger Plaz ze bleiwen an Haiser ze bauen, si hu Fruucht (Getreide) ugebaut a Geschir aus Toun hiergestallt. Dat kléngt fir eis haut alles normal, mir sinn et net anescht gewinnt. Fir d'Leit deemools war dat awer eng grouss Verännerung, well si virdrun ëmmer vun enger Plaz op déi aner weidergezu sinn. Den Daach besteet aus Bamstämm an d'Wänn sinn aus Äscht, déi matenee verflecht gi sinn an da mat Leem bedeckt goufen. Wéi konnten si dat Haus ouni Bagger, Camion a Kran bauen? Schonn eleng den Transport vun de Bamstämm muss schwiereg a kierperlech ustrengend gewiescht sinn. Sou wéi mir haut eenzel Zëmmeren an den Haiser hunn, sou hat och dëst Haus e puer Wunnberäicher. Souguer d'Déieren hunn am Haus geschlof an haten eng Plaz fir sech, si sollte jo net duerch d'ganzt Haus rennen. Bannen am Haus gesäit een e puer Däppen op engem hëlzene Regal, dernieft en Uewen aus Leem: Hei ass wuel gekacht ginn!*



**AKTIVITÉIT**

## WAT GEFÄLT DIR UN DEEM HAUS?
## WAT ASS BEI EISEN HAISER HAUT ANESCHT?

SCHREIF FËNNEF ËNNERSCHEEDER OP.

1.

2.

3.

4.

5.



**STATIOUN 2** WEIDER GEET ET UM STACK -4. GÉI DIREKT HANNERT DEM AGANK AN D'AUSSTELLUNG LÉNKS BEI DÉI GROUSS GLASVITRINE UN DER LÉNKER MAUER. KUCK EMOL RIETS NIEFT DER TEXTTAFEL. FËNNS DE D'FIBEL AN DER VITRINE?

# E WÄERTVOLLE BIJOU FIR E FÜRST


### FIBEL, ALTRÉIER, 5. JOERHONNERT VIRU CHRISTUS, METALLZÄITEN

*Dës kleng Fibel ass eng Spéngel mat engem Bigel driwwer. Si gouf benotzt, fir zum Beispill e Mantel oder e Kleed zouzehalen, et goufe jo nach keng Knäpp. Fibele waren net nëmme praktesch, si sollten och Gléck bréngen oder weisen, wéi räich hire Besëtzer war. Mir wësse vun dëser Fibel, datt se engem Fürst gehéiert huet, well se a sengem Graf fonnt gouf. Hie war bestëmmt zimlech räich, well seng Fibel ass net nëmme schéi gemaach, et sinn esouguer gréng Korallestécker dra verschafft. Koralle koume vu wäit hier a waren duerfir hei seelen an deier. Dës Fibel besteet aus Metall, wat fir déi Zäit eppes Neits war. Wann s du dir d'Fibel genee ukucks, kanns de de Kierper an d'Gesiicht vun engem Mann erkennen.*



## AKTIVITÉIT

## HUES DU OCH E SCHMOCKSTÉCK, DAT DIR GUTT GEFÄLT? HEI ASS PLAZ, FIR ET ZE MOLEN.



Kanns du dir virstellen, e Mantel ouni Knäpp oder Tirett unzedoen, dee mat enger Fibel zougehale gëtt? Ob dat wierklech waarm gehalen huet? Ech fannen déi Fibel schéin a wann ech Gezei géif undoen, da géif ech esou eng benotzen. Ma glécklecherweis hunn ech iwwerall Hoer, déi mech wiermen, da brauch ech kee Mantel.

# E MOSAIK ERZIELT SENG GESCHICHT

**MOSAIK VU VIICHTEN, ËM 240 NO CHRISTUS**

*Wat ass e Mosaik eigentlech? Wann s de genee kucks, dann erkenns de, datt de Foussbuedem virun eis aus ganz, ganz ville klenge Steng zesummegesat ass. Versich der emol virzestellen, wéi laang et gedauert huet, déi Steng all esou ze leeën, datt een herno d'Biller gutt erkenne konnt. De Mosaik louch um Buedem am Aganksberäich vun enger Villa – sou nennt een e pracht-vollt a grousst Haus. En ass virun enger Rei vu Jore reng zoufälleg vun engem Bauer bei Aarbechten um Feld fonnt ginn. Dee war bestëmmt zimlech paff! Wahrscheinlech leien nach méi Stécker vun der Villa ënner dem Buedem. De Mosaik gesäit wéi e groussen Teppech aus. Op engem Deel vum Mosaik sinn awer keng Musteren oder Formen ze gesinn, ma néng Felder mat Figuren. Dat sinn déi néng Musen, d'Schutzgëttinne vun de verschiddene Konschtformen, mam Homer, dem wichtegsten Dichter aus der Antike. Haut weess een, datt de Mann, deem d'Villa mam Mosaik zu Viichte gehéiert huet, net nëmme räich war, ma och vill iwwer Dichtung, Literatur a Konscht wosst. Dat wollt en senge Gäscht bestëmmt mam Mosaik weisen.*



## AKTIVITÉIT

**AM MOSAIK SINN E PUER INSTRUMENTER VERSTOPPT. FËNNS DE SE?** MOL ODER SCHREIF HEI ËNNEN HIN, U WÉI ENG INSTRUMENTER VUN HAUT SE DECH ERËNNEREN.



**STATIOUN 4** MIR MUSSEN EIS ERËM OP DE WEE MAACHEN. WEIDER GEET ET MAM LIFT OP DE STACK -1, DUERNO LÉNKS AN DEN AUSSTELLUNGSBERÄICH, WOU MER EIS DA LÉNKS HALEN A QUEESCH DERDUERCH GI BIS ZUM LESCHTE RAUM. ORIENTÉIERE KANNS DE DECH DO UN ENGER HELLBRONGER TEXTTAFEL ZUM THEMA GEZEI. DO VIRDRU FËNNS DE EIS NÄCHST VITRINE.


# SELWER GEMAACHTE SCHONG FIR KLENG FÉISS

### KANNERSCHONG AUS LIEDER, 1.–4. JOERHONNERT

*An dëser Vitrine gëtt et vill z'entdecken: Réng, Braceleten, Fibelen an Ouerréng an ausserdeem véier Schong aus mëllem Lieder. Esou Schong hunn d'Kanner also viru villen honnert Joer ugedoen: Déi däischter, futtis Schong sinn déi, déi fonnt goufen, an déi nei, propper Schong hannendru sinn no där Virlag gemaach ginn, fir datt een haut weess, wéi se fréier ausgesinn hunn. D'Schong sinn aus Lieder, dat zesummegebutt an dann ëmgedréit gouf, fir datt ee konnt dra goen. E bësse schéi gemaach huet een se och: Kuck der d'Muster vir an op de Säiten un. Esou Schong ware wäit verbreet a vill Leit hunn se sech doheem selwer fabrizéiert. Wann se futti waren, sinn se ëmmer erëm gefléckt ginn, bis datt se auserneegefall sinn. Mat de Liederschong vu fréier konnt een net wéi haut duerch Pill, Matsch oder Schnéi lafen, ouni kal oder naass Féiss ze kréien. Waasserdicht a waarm waren se net!*




## AKTIVITÉIT



**SCHONG HATE FRÉIER DACKS E MUSTER.** DENK DER DÄIN EEGENT MUSTER AUS A MOL ET OP DE SCHONG HEI UEWEN DRIWWER.

Dat kanns du dir bestëmmt net virstellen, well haut ass jo all Strooss an all Wee makadammiséiert – eigentlech bräicht ee keng Schong méi. Ech sinn deemools nach duerch de Bulli an iwwer Steng gelaf. Schong hat ech ni, déi gesinn zwar bequem aus, ma si hu mir net gepasst.





**STATIOUN 5** GÉI NEES HANNESCHT BEI DEN AGANK VUN DËSEM AUSSTELLUNGSBERÄICH AN HUEL DE LIFT EROP OP DEN ÉISCHTE STACK. DANN NO LÉNKS, LAANSCHT DEN INFOPOINT AN DA RIETS ËM DEN ECK IWWER DÉI KLENG VERGLAASTEN HËLZE BRÉCK AN DAT ANERT GEBAI. HEI KANNS DE MAM LIFT OP DE STACK -1 FUEREN (DE -1 OP DER LÉNKER SÄIT DRÉCKEN). ËNNEN AM KELLER GI MER AN DEN 2. RAUM BEI DE GRAFSTEEN OP DER LÉNKER SÄIT BEI DER MAUER.

# DE MÄCHTEGE RITTER AM KELLER

## GRAF VUM CLAUDE DE NEUFCHÂTEL, 1505

*Claude de Neufchâtel heescht de Mann an der Rüstung, deen s de virun der gesäis. Hie war en Adelegen an hat vill Muecht. Lëtzebuerg huet deemools dem Herzog vu Burgund gehéiert an de Claude de Neufchâtel sollt fir hie Lëtzebuerg regéieren. Wéi deen du gestuerwen ass, ass eng Figur aus Steen vun him gemaach an an engem Klouschter an der Stad opgestallt ginn, fir him ze gedenken. Leider ass nëmmen nach deen ënneschten Deel vun der Skulptur erhalen. Un der Zeechnung kanns de erkennen, wéi den ieweschten Deel vun der Figur fréier ausgesinn huet. De Claude de Neufchâtel huet zu deene wichtege Leit gehéiert, déi an dëser Zäit iwwer déi aner bestëmme konnten. Deemools war d'Liewe vun de Leit ganz anescht wéi haut. Et konnt ee villes net einfach fräi decidéieren, ma et huet een sech u Reegele missen halen. Den Alldag an de Beruff houngen dovun of, aus wéi enger Famill ee koum. An eisem Keller gëtt et dozou Verschiddenes z'entdecken, well bei Ausgruewungen an der Stad huet ee Saache fonnt, déi ganz ënnerschiddleche Leit gehéiert hunn. Ma iers de dat kucke gees, gehei emol e Bléck an déi längelzeg Këscht nieft dem Grafsteen, wann s de dech traus!*



AKTIVITÉIT

## WAT FIR EN DÉIER LÄIT ËNNER DE FÉISS VUM RITTER?

A FIRWAT?

- ☐ **SÄI LIIBLINGSHOND,** WELL EN ESOU GÄR MAT DEN HËNN GESPILLT HUET.
- ☐ **E FUUSS,** WELL EN ESOU SCHLAU WÉI E FUUSS WAR.
- ☐ **E LÉIW,** WELL DE LÉIW MUECHT A STÄERKT VERKIERPERT.





Richteg Äntwert: Léiw

**STATIOUN 6** ELO GEET ET MAM LIFT ERËM EROP, AN ZWAR OP DEN 1. STACK VUN DËSEM GEBAI (W.E.G. OP DE KNÄPPCHE MAT DER 1 OP DER RIETSER SÄIT DRÉCKEN) AN DO AN DEN ÉISCHTE RAUM NIEFT DER TRAP AUS STEEN.
DEN HOND GESÄIS DE DIREKT!

# E GROUSSEN HOND HÄLT WUECHT

## HOND AUS TOUN, 1563–1604, AUS DEM BESËTZ VUM PETER ERNST VON MANSFELD

*Hues du schonn eng Kéier esou e groussen Hond gesinn? Dës Tounfigur vun engem Hond, deen am Leien duergestallt ass, war leider futti a gouf erëm zesummegesat. Et feelen awer e puer Deeler. Trotzdeem kann een sech gutt virstellen, datt d'Virbild e schéinen a vläicht geféierlechen Hond war. Fréier waren esou grouss a staark Hënn ganz beléift bei de Kinneken a Fürsten. Wahrscheinlech war d'Virbild vun dësem Hond hei eng Dogg, déi dem Jong vum Fürst Peter Ernst von Mansfeld gehéiert huet. De Peter Ernst von Mansfeld war am Optrag vum spuenesche Kinnik Statthalter a Gouverneur vu Lëtzebuerg an huet a ville Kricher matgekämpft. Direkt iwwer dem Hond gesäis de e Bild mat sengem Gesiicht an dernieft e Bild vu sengem wonnerschéine Schlass mat dem grousse Park. D'Schlass huet en sech net wäit vum Musée ewech, am Quartier Clausen, baue gelooss. De Mansfeld huet vill Konschtwierker a Skulpture kaaft an se senge Gäscht gär gewisen. Vill Skulpture stoungen an enger Hiel am Park. An do louch och den Hond aus Toun, deen deemools nach bemoolt war. Wann een an d'Hiel koum konnt een sech ellen erféieren, well den Hond op den éischte Bléck echt ausgesinn a gewierkt huet, wéi wann en do géif oppassen.*



## AKTIVITÉIT

# WÉI HUET DÉI DOGG WUEL FRÉIER AUSGESINN?

## FUER DEN ZUELEN NO AN ZEECHEN SE.






**STATIOUN 7** MIR BLEIWEN AM SELWECHTEN AUSSTELLUNGSRAUM. STELL DECH OP D'MARKÉIERUNGEN UM BUEDEM A KUCK AUS DER FËNSTER.

# LËTZEBUERG A SENG FESTUNGSMAUEREN

## D'FESTUNG VUN DER STAD LËTZEBUERG , 16.–19. JOERHONNERT

*Wa mer vun hei aus deenen zwou Fënstere kucken, gesi mer nach vill vun de Festungsmaueren, déi fréier ronderëm d'Stad Lëtzebuerg waren. Kuck emol duerch déi riets Fënster: Do gesäit een héich Maueren an en Tuerm, deen hallef futti ass, um Wee fir an d'Stad. Den Tuerm nennt ee wéint senger Form den „Huelen Zant". En erënnert un déi staark befestegt Buerg, déi fréier do stoung. Wosst du, datt d'Stad eng grouss Festung war? Wien eran oder eraus wollt, ass kontrolléiert ginn, an nuets goufen d'Paarten zougemaach. Laang Zäit wollten aner Länner Lëtzebuerg fir sech erueweren a beherrschen, well d'Lag vum Land tëscht Däitschland, Frankräich an der Belsch fir hir eegen Ziler wichteg war. Fir Lëtzebuerg kënnen ze verteidegen, goufen héich Mauere gebaut. Zaldoten a Waffe goufe géint d'Géigner agesat. Duerch déi lénks Fënster gesi mer op de Kierchbierg: Do steet den haitege Musée Dräi Eechelen (M3E) mat sengen dräi Tierm. Haut ass et e Musée, ma fréier war et als Fort Thüngen en Deel vun der Festung, déi fir d'Verteidegung vun der Stad gebaut gi war. Direkt hannendru kanns de de spatzen Daach vum Mudam, dem Musée fir zäitgenëssesch Konscht, erkennen.*



Ech erënnere mech nach gutt, wéi et um Kierchbierg just Bauerenhäff a Bësch gouf. Eréischt a leschter Zäit ass esou vill gebaut ginn. Wann ech elo nuets do tréppelen, kann ech nëmme staunen, wat sech alles verännert huet.



## AKTIVITÉIT

### WAT ASS HEI RICHTEG?

**A** D'STAD LËTZEBUERG HAT ESOU STAARK FESTUNGSMAUEREN, WELL D'AWUNNER NET EINFACH FRÄI SOLLTEN DORUECHTER LAFEN.

**B** D'MAUERE SOLLTEN D'STAD AN HIR AWUNNER VIRU BOMMEN A KANOUNESCHËSS SCHÜTZEN AN DUERFIR SUERGEN, DATT KEEN OUNI ERLAABNES KONNT ERAKOMMEN.

**C** WIE FRÉIER AN D'STAD WOLLT, HUET MUSSEN IWWER D'MAUERE KLOTEREN. D'ZALDOTEN HUNN DE LEIT DOBÄI GEHOLLEF.

Richteg Äntwert: B

# SCHÉI WUNNE MAT HOLZ

## KÄERCHER STUFF, ËM 1770/80

*Komm, kucke mer eis d'Bett emol zesummen un: Et ass aus Holz gemaach a gesäit zimlech kleng aus. Fir dech wier Plaz genuch an du kéins gemittlech dra schlofen; fir deng Eltere wier et schonn e bësse kleng. Deemools, wéi et gebaut gouf, hunn och Erwuessener an deem Bett geschlof. D'Better ware méi kuerz wéi haut, well ee quasi am Sëtze geschlof huet. An net jiddwereen hat säin eegent Bett; d'Eltere louche meeschtens mat de Kanner zesummen an engem Bett.*
*Dëst Bett stoung an der Stuff vun enger Schräinerfamill aus dem Duerf Käerch an et huet deemools do (bal) esou ausgesinn wéi elo hei am Musée: e Bett, e Schaf mat Auer a Wandverkleedung hunn derzougehéiert. Hei gouf de Besuch empfaangen, deen dann an engems konnt gesinn, wéi schéin d'Miwwele verschafft waren. Dat war eng gutt Reklamm fir d'Schräiner, et gouf jo deemools nach keng Miwwelgeschäfter an et hat een och net esou vill Miwwelen ewéi haut. D'Bett an de Schaf goufe meeschtens beim Schräiner am Duerf bestallt, laang Jore benotzt an an der Famill weider verierft.*



## AKTIVITÉIT

# OP EISER FOTO LÉNKS STËMMT EPPES NET. WAT GEHÉIERT NET AN ENG STUFF AUS DEM 18. JOERHONNERT?

## FANN A MARKÉIER DÉI 3 FEELER, DÉI SECH AGESCHLACH HUNN.

Lëtzebuerg war zu dëser Zäit immens ländlech mat ville klengen Dierfer. Et gouf nach vill Bësch an net esou vill Stroossen ewéi haut. Ech war ëmmer gär ënnerwee a sinn duerch d'Bëscher bis an d'Dierfer gewandert. Firwat d'Leit alleguer esou Miwwelstécker wollten, kann ech der net soen. Ech hunn esou eppes ni gebraucht.




Richteg Äntwerten: Luucht, Rucksak, Radio

**STATIOUN 9** GÉI ERËM ZERÉCK BEI DE LIFT AN DRÉCK AM LIFT OP D'1 (OP DER LÉNKER SÄIT) A GÉI QUEESCH DUERCH D'AUSSTELLUNG BIS AN DE LESCHTE RAUM. DU FËNNS DEN AUTO GANZ SÉCHER!

# ÉISCHT AUTOEN OP DER STROOSS

### AUTO „BENZ", 1895

*Bestëmmt hutt der doheem een oder zwee Autoen. Autoe gesäit ee jo iwwerall op de Stroossen, dacks sinn et der vill ze vill... Dat hei ass deen éischten Auto, deen zu Lëtzebuerg gefuer ass. En huet dem Ingenieur Paul Würth gehéiert, engem räiche Mann, deen e virun ongeféier 120 Joer an Däitschland kaaft an op Lëtzebuerg liwwere gelooss huet. Op der Foto gesäis de hie mat sengem Meedchen an senger Niess bei engem Tour mam Auto. Ma wat ass bei dësem Auto anescht wéi bei den Autoen haut? En huet keen Daach! Et konnt een also nëmme bei guddem Wieder domat fueren; bei Reen wär een naass ginn an am Wanter hätt ee vu Keelt geziddert. Ma wie keen Auto hat, huet missen zu Fouss goen, reiden oder d'Päerdskutsch huelen. Iwwer dësen éischten Auto hunn d'Leit all gestaunt. Verschiddener hu gejaut, wéi se en fir d'éischt gesinn hunn; si hunn sech fierchterlech erféiert, wéi se déi Kutsch ouni Päerd gesinn hunn. An en Accident hat den Auto och: Wéi de Paul Würth en dem Groussherzog emol houfreg weise wollt, ass en domat an e Bam gerannt!*



AKTIVITÉIT

## WÉI GESINN D'AUTOEN HAUT AUS?
## WAT ASS ANESCHT WÉI BEI DËSEM AUTO HEI?
## NENN FËNNEF ËNNERSCHEEDER.

1.

2.

3.

4.

5.

Lo komm awer, déi éischt Autoe waren extrem lues. Zu Fouss war ech bal méi séier ënnerwee. An et konnt een domat och just op der Strooss fueren, op Feldweeër oder am Bësch koum een domat net virun. En Auto war wuel éischter eppes wéi eng Spillsaach fir déi Räich. Wie konnt scho wëssen, datt d'Autoen enges Daags esou séier géinge fueren?



**STATIOUN 10** VUN HEI AUS GEET ET WEIDER BEI D'KONSCHT ZU LËTZEBUERG UM 3. STACK VUN DËSEM GEBAI, ALSO SCHNELL EREM ZERÉCK BEI DE LIFT (AM LIFT OP DER LÉNKER SÄIT OP DE KNÄPPCHEN DRÉCKEN). EISEN NÄCHSTEN OBJET FANNE MER AM HËNNESCHTE RAUM, DIREKT NIERFT DEM AGANK RIETS UN DER MAUER.

# D'HÉICHIEWE MAACHE PLAZ FIR NEIES

**FERNAND BERTEMES, „PUFFY CLOUDS OVER BELVAL", 2006**


*Wat fält dir als éischt op? Den Himmel mat de gewaltege wäisse Wolleken oder déi kleng Stad mat de bronge Gebaier an der summerlecher Landschaft? Et muss ee scho méi genee kucken, fir ze gesinn, datt déi brong Gebaier al, verraschten Industrieanlage sinn. Fréier gouf um Belval am Süde vu Lëtzebuerg Stol a gliddeg-rouden Héichiewen hiergestallt. Dat war awer net nëmmen um Belval esou, ma och an anere Stied zu Lëtzebuerg. Domat konnt ee vill Geld verdéngen. Haut schaffen d'Maschinnen am Wierk um Belval net méi, och wann d'Héichiewen nach do stinn. Och soss huet sech vill verännert. Alles gëtt ëmgebaut. D'Universitéit vu Lëtzebuerg ass dohi geplënnert an e ganz neie Quartier mat Geschäfter, Wunnengen a Restauranten ass entstanen, deen an Zukunft sécher nach méi grouss wäert ginn. De Fernand Bertemes huet verschidde Biller vun ale Fabricken zu Lëtzebuerg gemoolt.*



AKTIVITÉIT

## OP EISEM BILD HUET SECH E BAUKRAN VERSTOPPT.

## FËNNS DU EN? MOL DÄIN EEGENE BAUKRAN.



Zu Lëtzebuerg gruewen d'Leit schonn zënter éiweg no Äerz. Fréier hunn se deen zu Metall verschafft a verkaaft. Kee Wonner, well domat hunn se Sue verdéngt, wat hinne jo ganz wichteg war!

**STATIOUN 11** MIR GINN HANNESCHT BEI DE LIFT A FUEREN OP DEN ÉISCHTE STACK (W.E.G. RIETS OP 1 DRÉCKEN). MIR VERLOOSSEN D'NIEWEGEBAI OP DEEM NÄMMLECHTE WEE, WÉI MER KOMM SINN, IWWER DÉI VERGLAASTEN HËLZE BRÉCK. DA GEET ET RIICHTAUS D'TRAPEN EROF, BEI DEN AGANK VUN DER MËNZAUSSTELLUNG. MIR GI QUEESCH DUERCH D'AUSSTELLUNG BIS HANNEN AN DEE LESCHTE RAUM, WOU LËTZEBUERGESCH GELDSCHÄINER AUSGESTALLT SINN.

# D'GROUSSHERZOGEN AN HIERT GELD

## LËTZEBUERGER GELDSCHÄINER

*Hei dréint sech alles ëm verschidde Geldschäiner a Mënzen an dorëms, wéi Geld iwwerhaapt hiergestallt gëtt. A (bal ganz) Europa hu mer jo haut den Euro als gemeinsam Wärung a kënnen domat a ganz ville Länner bezuelen, ouni Geld mussen ze wiesselen. Dat war net ëmmer esou, fréier hat all Land an Europa säin eegent Geld. Och Lëtzebuerg hat seng eege Wärung a seng eege Geldschäiner mam Lëtzebuerger Frang. Well zu Lëtzebuerg de Staatschef zënter 1890 ëmmer e Groussherzog oder eng Groussherzogin aus der Famill Nassau-Weilburg ass, waren si op de Lëtzebuerger Mënzen a Schäiner ze gesinn.*

*Wosst du, datt een zënter 1921 a bis zu där Zäit, wéi den Euro koum, och an der Belsch mat Lëtzebuerger Frange bezuele konnt (an ëmgedréit)? An der Vitrine bei der Mauer gëtt gewisen, wéi fréier e Geldschäin gemaach gouf: Dat éischt Bild ass en Entworf, also eng Propos, wéi een et kéint maachen. De fäerdege Schäin gesäis de lénks nieft der metalle Plack, déi wéi e Stempel fir d'Drécke vun de Geldschäiner benotzt gouf. Wann s de wëlls, vergläich e mam Entworf. Do gëtt et e puer Ënnerscheeder!*



AKTIVITÉIT

## MOL HEI ËNNENDRËNNER DÄIN EEGENE GELDSCHÄIN

MAT DENGEM KAPP DROP.




Ech hunn all d'Membere vun der groussherzoglecher Famill schonn eemol gesinn. Dat kann nach laang net jiddweree behaapten!

**STATIOUN 12** ELO SI MER BAL DERDUERCH; ET SI JUST NACH E PUER METER RIICHTAUS IWWER DÉI KLENG BRÉCK AN DA GEET ET DIREKT LÉNKS BEI DÉI ZWEET MAUERNISCH AM GANK.

# MEDAILEN AN UERDEN FIR LËTZEBUERG

### MEDAILEN ZUM VERTRAG VU ROUM AN UERDEN AUS DEM JOSEPH BECH SENGEM BESËTZ

*An Europa gëtt et haut d'Europäesch Unioun, zu där och Lëtzebuerg gehéiert. Dat ass fir eis all ganz wichteg: Mir hu mam Euro eng gemeinsam Wärung, also gemeinsaamt Geld, mir kënne fräi reesen, handelen a schaffen a liewe a Fridden. Ugefaangen huet dat alles mam Vertrag vu Roum vun 1957, wéi Lëtzebuerg a fënnef aner Länner sech zu enger wirtschaftlecher Zesummen-aarbecht verpflicht hunn. Dat kléngt kompliziéiert a bedeit, datt ee friddlech Geschäfter matenee wollt maachen. Et wollt een och, datt d'Länner méi enk sollten zesummewuessen. E puer Joer éischter hat et e fierchterleche Krich ginn, den Zweete Weltkrich, an dee vill europäesch Länner verwéckelt waren an an deem vill Leit gestuerwe sinn a vill zerstéiert ginn ass. Esou eppes sollt ni méi geschéien an dozou sollt och d'Grënnung vun der Europäescher Unioun bäidroen. Déi vill verschidden Uerden a Medailen an der Vitrine kruten de Joseph Bech an de Lambert Schaus, déi zwee Vertrieder vu Lëtzebuerg beim Vertrag vu Roum, vun anere Länner geschenkt.*






## AKTIVITÉIT

**OP VILLEN UERDEN SINN DÉIEREN ZE ERKENNEN.**
WÉI VILL A WÉI ENG FËNNS DU?



**HUES DE MECH NACH NET ENTDECKT?** GÉI RIICHTAUS DÉI ZWEE KLENG TRÄPPLEKER EROP A VIRUN DER BRÉCK NO RIETS, AN DA GESÄIS DE MECH SCHONN.
FIR AUS DEM MUSÉE ERAUS ZE GOEN, GEES DE WEIDER NO LÉNKS AN DANN D'TRAPEN EROF BIS OP DE REZ-DE-CHAUSSÉE.



# BIS SOSS ENG KÉIER AM MUSÉE!

*Schued, eis Rees ass hei eriwwer. Komm mech geschwënn erëm eng Kéier besichen, well am MNHA gëtt et ëmmer erëm eppes Neits z'entdecken. Vläicht hues de jo Loscht, bei engem vun eise Kanneratelieren zu verschiddenen Theme matzemaachen? Informatioune kriss de an der Entrée vum Musée an op www.mnha.lu.*

# WEIDER IDDIEI
# FIR AUSFLICH
# FIR KLENG
# A GROUSS
# ENTDECKER

## FIR D'STATIOUN NR. 6: E GROUSSEN HOND HÄLT WUECHT

*D'Schlass mam Park ass haut leider net méi esou wéi op*
*Bild. Et si just nach Reschter erhalen, déi een sech kann*
*En Ausfluch an de Park Mansfeld a Clausen, deen nei op*
*ass, ass wierklech derwäert.*

## FIR D'STATIOUN NR. 7: LËTZEBUERG A SENG FESTUNGSMAUEI

*Loscht, méi iwwer Festungen an d'Liewe vun den Zaldote*
*ze ginn? Den M3E weist villes zu deem Thema an du kanr*
*och déi ënnerierdesch Galerie entdecken.*
*Weider Informatiounen dozou gëtt et am Musée Dräi Eec*
*selwer oder op www.m3e.lu.*

## FIR D'STATIOUN NR. 10: D'HÉICHIEWE MAACHE PLAZ FIR NEIES

*Wëlls du dir déi al Industrieanlagen emol ukucke goen?*
*De Fonds Belval bitt Visite-guidéeën un, bei deenen s du*
*selwer entdecke kanns an och erop op d'Héichiewen die*

# IMPRESSUM

LUXEMBOURG FOR KIDS

EDITEUR: MNHA - MUSÉE NATIONAL D'HISTOIRE ET D'ART

PRODUKTIOUN AN TEXT: EVA MARINGER, MICHÈLE PLATT

GRAFIK AN DESIGN: A DESIGNERS' COLLECTIVE

FOTOEN: ÉRIC CHENAL

OPLO: 1.000 (DE) + 1.000 (FR) + 1.000 (EN) + 1.000 (LU)

PABÉIER: COCOON - RECYCLED PAPER - ARJOWIGGINS

PUBLIKATIOUNSDATUM: FEBRUAR 2019

GEDRÉCKT ZU LËTZEBUERG: IMPRIMERIE HEINTZ

2018 EUROPEAN YEAR OF CULTURAL HERITAGE
#EuropeForCulture

LUXEMBOURG FOR KIDS